

Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mer komme lo zur Diskussioun vum Projet de loi 4559, eng Konventioun iwwert d'Schafung vum Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Jung, Zanussi, Greisen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'honorabel Mme Agny Durdu.

4. Projet de loi 4559 portant approbation de la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme (CEPMMT) et du Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme, signés à Bruxelles, le 11 octobre 1973

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet dréit et sech drëm, fir an déi national Gesetzgebung eng Konventioun vum 11. Oktober 1973 ze iwwerhuelen, déi zu Bréissel ënnerschriwwen ginn ass, a bei där et ëm d'Schafung vum engem Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme geet.

Dës Konventioun gesäit a sengen eenzelnen Artikelen vir, wéi dësen Zentrum geschafte gëtt, wéi en a sengem Conseil funktionéiere soll, a wou de Siège ass, nämlech zu Shinfield Park an England.

Am opschlossrächsten an am interessantesten an dëser Konventioun sinn déi Artikelen 2 an 3, déi duerstellen, wat den Objektiv vun dësem Zentrum ass. Dee soll nämlech dozou bestëmmt sinn, fir meteorologesch Donnéeën ze sammelen, ze analyséieren a probéieren ausbauen, andeem déi meteorologesch Kenntniss verbesseert an och nach méi prezisiéiert ginn.

Den Artikel 3 gesäit och vir, dass dësen Zentrum mat alle State schaffe soll, souguer deenen, déi net Member vun dëser Konventioun sinn, an och mat allen Organisation, sief se gouvernemental oder net, fir déi Kenntniss, déi do gesammelt ginn, ëmsetzen a besser verschaffen ze kënnen.

Interessant ass an dësem Domän, datt ausdrécklech virgesinn ass, dass all Personal, wat an dësem Beräich schafft, vun den Donnéeën an de Kenntniss, déi an dësem Zentrum erworbe ginn, profitéiere kënnen soll, an dass och all Staten an all Organisation op d'Kenntniss vun dësem Zentrum zréckgräife kënnen. Dësen Zentrum ass dofir geduecht, fir déi meteorologesch Kenntniss ze verbesseren, ze verfeinere an och wëssenschaftlech Analysen an deemstspriechend Publicationen ze maachen, fir dass all déi Kenntniss an der Zäit analyséiert kënnen ginn.

Et kann ee sech d'Fro stellen, fir wat dass mer als Land dës Konventioun net éischter adoptéiert hunn, vu dass se vun 1973 datéiert, an dass am Fong geholl d'Lëtzebuerger Land bei der Ausaarbechtung vun dëser Konventioun ganz aktiv dobäi war.

Meteorologesch Kenntniss ze hunn ass fir eist Land vu gréisster Bedeitung, well dës Servicen extrem wichteg sinn, wann et drëm geet, fir d'Agrikultur, awer och fir de Service de la Protection civile déi néideg Donnéeën gewor ze ginn an eventuell déi néideg Mesuren an deenen eenzelne Beräicher ze ergräfen. Ech denken eleng nëmmen un d'Situatioun vum Findel an un déi verschidden Donnéeën, déi een do ganz bestëmmt néideg huet.

Mat dësem Projet de loi, dee mer hei adoptéieren, ass et dann och esou, datt Lëtzebuerg ganz offiziell seng positiv Attitude zu dësem Zentrum bréngt an natierlech och seng finanziell Contributioun. Mir profitéieren nämlech ewell zënter längerem vun all deenen Avantagé vun dësem Zentrum, an dofir mengen ech, ass et och nëmme logesch, dass mer och eisen Obulus zum Fonctionnement vun dësem Zentrum bréngen.

Gläichzäiteg zu dësem Gesetzesprojet gëtt mat dësem Projet awer och de Protokoll iwwert d'Immunitéiten an d'Privileg vun dësem Zentrum festgesat. Béid Texter, sougutt d'Konventioun wéi dëse Protokoll, sinn an der Economie- an Transportkommissioun vun der Chamber

souwéi vum Statsrot analyséiert ginn. Mir konnten op eiser Säit an de Statsrot op senger Säit feststellen, dass dëse Gesetzesprojet, déi zwee Texter, e Plus fir eis national Gesetzgebung a fir eist nationaalt Gefüge sinn. Dofir géif ech d'Chamber drëm bidden, sou, wéi et och an der Kommissioun zrëckbehale ginn ass, dëse Projet ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

M. Ady Jung (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wien interesséiert sech net fir d'Wieder vu moar, respektiv wéi et wiederméisseg a sengem direkten Ëmfeld oder op deene Plazen ausgesäit, wou hien an den nächsten Deeg hifure wëll oder muss?

Heibäi stelle mer leider allze dacks fest, datt d'Wiederfräschchen um Radio oder op der Televisioun sech geiirt hunn, wat zwar fir déi meescht Privatleit am Alldeeglechen net vun där allergréisster Bedeitung ass.

Denkbar wichteg sinn d'Wiederprävisiounen allerdéngs an de Beräicher vun der Aviatioun, vun der Schëffahrt souwéi wat d'Pegelstänn vun eise Gewässer ubelaangt. Och eng méiglech chemesch oder radioaktiv Iwwerbelaaschtung vun der Loft gëtt vun de meteorologesche Statiounen gemiess an ass fir d'Gesondheet vun eise Matbierger vu grousser Wichtigkeet.

Datt mer dës Renseignementer net zum Nulltarif kréie kënnen, steet fest, an och eist Land kënnt net dru verbäi, fir säi finanzielle Beitrag, verrechent um Brutto-Nationalprodukt, ze leeschten.

Mam Projet de loi 4559 soll d'Ofkommen an de Protokoll iwwert d'Privilegien an d'Entschädigung vum "Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme", déi den 11. Oktober 1973 zu Bréissel ënnerschriwwen gouwen, a Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech der Mme Agny Durdu fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport félicitéieren, a matdeelen, datt d'CSV-Fraktioun dëse Projet de loi stëmme wäert.

Ech son lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

M. Marc Zanussi (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mäi Virriedner richtig gesot huet, ass d'Wieder selbstverständlech eppes, wat jiddereen interesséiert, besonnesch hei zu Lëtzebuerg.

Wa mer déi Konventioun hei iwwert de Wee vun engem Gesetz ratifizéieren, denken ech, dass mer u sech eng

gutt Saach maachen. Als Lëtzebuerger Land, bei eiser Gréisst, si mer un d'international Kollaboratioun am Beräich vun der Meteorologie ugewisen, a mir sinn och als Land vun Ufank un dobäi gewiescht, wéi déi Konventioun hei ausgeschafft ginn ass.

Dës Konventioun an déi Informatiounen, déi mer do kréien, si fir eis ganz wichteg, engersäits wéinst eise ganzen Transport aërien, wéinst dem Trafic op de Stroossen, wéinst den Informatiounen, déi mer brauchen, fir d'Leit rechtzäiteg warnen ze kënnen, wann d'Flëss klammen, a fir d'Informatiounen iwwert d'Iwwerwachung vun der Loftverschmutzung ze kréien. An dësem Moment profitéiere mer als Lëtzebuerger Land scho vun där heiter Konventioun. Mir kréie bis elo déi Meteoroinformatiounen, déi mer brauchen, gratis. D'Hauptmotiv vun dëser Konventioun ass jo dat, dass mer eisen Obligatiounen vis-à-vis vun de Prestataire vun där Informatioun nokomme wëllen. Déi finanziell Participatioun vum Lëtzebuerger Land un där heiter Leeschtung gëtt, wéi bei deenen anere Länner och, duerch eng Verrechnung op der Basis vum PNB gerechent. Wann ech mech richtig erënneren, läit eis Participatioun bei 0,12%.

Ech wëll ofschléissend der Mme Durdu och nach eng Kéier fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport merci soen an eisen Accord zu dëser Konventioun ginn.

Ech wëll awer drun erënneren – a mir haten an der Kommissioun schon dovunner Rieds –, dass et nach eng zweet Konventioun gëtt, déi och deponéiert ass, iwwer déi mer och an der Kommissioun diskutéieren an déi mer an der Chamber och ratifizéiere missten; ech schwätze vun der Konventioun vun Eumetsat. Ech denken, dass mer an den nächste Wochen d'Geleeënheet kréien, dee Projet hei an der Chamber ze diskutéieren an zur Ofstëmmung ze kréien.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

M. John Schummer (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur, der Mme Agny Durdu, merci soe fir deen ausféierleche Rapport, souwuel schrëftlech wéi och mëndlech.

Mat dësem Projet steet Lëtzebuerg vill méi propper do wéi bis elo. De Minister Grethen regulariséiert mat dësem Gesetz eng Situatioun, déi eist Land bis elo an dësem Domän net an dat beschte Liicht gestallt huet. Bis elo hu mer eis eng ganz Partie Donnéeën, déi mer gebraucht hunn am Domän vun der Meteo, op allméiglech Manéiere verschafft, mä net op deem kloren, transparente Wee vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner.

Dir wësst, dass d'Meteo duerch déi nei a permanent Evolutioun vun den technologesche Moyene konstant méi performant gëtt an och méi zouversichtlech gëtt.

Dëst ass extrem wichteg fir eng ganz Partie Professiounen, esou zum Beispill fir d'Bauern. Et ass scho wichteg, dass de Bauer d'Wieder mat gréisstméiglecher Prezisioun gewuer gëtt. Esou kann hien zum Beispill da mat enger ganz genauer Prezisioun decidéieren, ob hien nach 24 Stonne waart oder net, ier hie säi Weess dréchen oder net erakritt.

Och d'Baubranche hänkt zu engem groussen Deel vum Wieder of. Dir gesitt also, dass am Domän vun der Meteo net ëmmer alles richteg ass an dass net eleng d'Aviatioun vun deem Domän bénéficiéiert.

Mir begrëssen et, dass de Minister eng onkloer Situatioun elo regulariséiert. Dat huet och säi Präis, mä et wäert an Zukunft an deem Domän net méi mam Fanger op Lëtzebuerg gewise ginn.

Meng Fraktioun wäert selbstverständlech dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech och all deene Leit merci soen, déi un deem Projet matgeschafft hunn, an och gläichzäiteg d'Zoustëmmung vum ADR ginn.

De Sënn an den Zweck vum Gesetz sinn hei schonn am Detail virgestallt ginn, esou dass ech net nach eng Käier muss op alles agoen. Et ass gesot ginn, dass et sech heibäi ëm d'Approbatoun vun enger internationaler Konventioun handelt, déi schonn 1973 tëschent verschiddenen europäesche Länner ausgehandelt ginn ass.

Bei der Virbereedung vun den Texter war deemools och Lëtzebuerg dobäi, esou dass ee sech erëm muss froen, wéi sou et vun 1973 un, bal 28 Joer, gedauert huet, bis mer elo dës Konventioun an eist Gesetz iwwerhuelen.

Et ass fir den ADR wichteg, dass eist Land fir seng Leit, seng Landwirtschaft, seng Ekonomie op brauchbar Wiedervoraussichten ziele kann. Den ADR fënnt et richteg, scho wéinst den enke Grenze vun eisem Land, dass dofir en europäeschen Zentrum fir meteorologesch Previsiounen geschafe gouf, vun deene mir kënne mat profitéieren a wouru mir dann och matbezuelen.

Wat elo d'Privilegien an d'Immunitéit ubelaangt, déi de Leit an deem Zentrum zougestane ginn, kann ee sech d'Fro stellen, ob se absolut noutwendeg sinn. Well se awer net méi wäit gi wéi anerer, vu vergläichbaren internationale Missiounen a well de Statsrot och domadder averstanen ass, wëlle mer eis hei net dergéint ausschwätzen.

Drun ze erënnere bleift mer nach, dass eisen Deel vun de Käschten, dee sech no eisem Bruttosozialprodukt riicht, 1999 op 19,7 Milliounen berechent ginn ass. De Rapporteur vum Projet hält fest, dass et sech dobäi ëm 0,12% vun eisem PNB handelt.

(Interruption)

Dat wier onwahrscheinlech héich, Dir hutt Recht. Do ka vläicht den Här Minister eis déi richteg Zuelen nennen.

Op alle Fall droe mir domat 0,2% zum Gesamtbudget vum Zentrum bäi. All aner Detailer sinn der zoustänneger Kommissioun matgedeelt ginn, an dofir stëmme mir dëse Projet mat.

Merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, och wann et ëm de Klima net esou ganz gutt steet, stëmme mir awer dëse Projet hei mat, well mer och fannen, dass Lëtzebuerg endlech soll fir dat bezuelen, wou et och eng Leeschtung kritt huet säit Joren.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner huet den Här Aloyse Bisdorff d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, ech wëll et och kuerz maachen, besonnesch well et esou laang gedauert huet, bis dass Lëtzebuerg elo dës Konventioun ratifizéiert huet, vun där se awer während bal 30 Joer profitéiert huet, ouni ee Frang zum Fonctionnement vun där Institutioun, déi an Europa méttelfristeg Wiederprevisiounen mécht, bäizestéieren.

Ech wëllt dofir eng Prezisioun ginn am Zesammenhank mat där Kontributioun. Effektiv steet an deem Bericht, dee mer kritt hunn, dass "la contribution financière est calculée d'après le PNB de chaque pays et sera fixée pour le Luxembourg à 0,12%". Dat bezitt sech awer net op eise PNB, well dat wär eng riseg Zomm. Dat wier an der Gréissenuerdnung vun 900 Milliounen där aler Frangen. Ech hu mer soe gelooss, dass et an der Gréissenuerdnung wär vun 20 Milliounen. Déi 0,12% sinn eis Proportioun zu deenen anere Länner zu deem Ganzen, esou dass dat also an déi richteg Verhältnisser geréckelt gëtt.

Dat gesot, Här President, stëmmen ech och dësen Text.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Merci, Här President, ech wëllt fir d'éischt jidderengem, deen an dës Debatt agegraff huet, merci soe fir déi breet Zoustëmmung. Ech wëllt der Chamber och soen, dass dat, wat den Här Bisdorff elo exposéiert huet, an dat, wat den Här Greisen gefrot huet, richteg ass, dass also d'Kontributioun vu Lëtzebuerg am Prinzip 0,12% vum Budget vun där Organisatioun ass, an déi 0,12% si Funktioun vum Produit national brut, dee Lëtzebuerg erwirtschaft par rapport zu all deenen anere Memberlänner, déi an dëser Konventioun matmaachen. Et ass also e Beitrag, dee sech wäert ëm 20 Milliounen dréinen.

Et ass och ugesprach ginn, dass dat hei nëmmen en éischten Deel ass. Mir mussen och nach eng zweet

Konventioun ratifizéieren, fir eis Solidaritéit um Niveau vun der Europäescher Unioun, mä doriwwer eraus tëschent all deene Länner, déi un dëse Projete mat-schaffen, ze ënnersträichen. Si ass hei an der Chamber déposéiert, an esoubal mer den Avis vum Conseil d'Etat hunn, hoffen ech, dass mer och déi Konventioun kënne stëmmen.

Och wa mer déi Konventioun gestëmmt hunn, hu mer nach keen Afloss op d'Wieder. Mir ginn awer vläicht besser informéiert dank den Aarbechten, déi an deene Gremië stattfannen, iwwert d'Evolution vum Wieder, kuerz- a mëttelfristeg, ouni awer, wéi gesot, Afloss drop ze hunn.

Merci, fir dee breeden Accord.

M. le Président.- Den Här Greisen freet parole après ministre.

M. Fernand Greisen (ADR).- Merci, Här President a merci och fir déi Rectificatiounen, déi ech do kritt hunn. Et ass allerdéngs esou, dass de Fall fir mech nach net kloer ass. Am Text vun der Regierung steet: "La part de notre pays présente environ 0,2% du budget du Centre". Tëscht 0,2 an 0,12% ass awer en Ënnerschied, dee vläicht net esou geringfügig ass.

M. le Président.- Den Här Minister Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, och do huet den Här Greisen Recht. Dee Moment, virun esou vill Joer, wéi déi Konventioun ausgehandelt ginn ass, wier de Beitrag dat gewiescht. Well eise Produit national brut awer wesentlech méi schnell gewuess ass wéi dee vun anere Memberlänner, a well och vläicht dat eent oder dat anert Land, wéi Lëtzebuerg, sech während Joren net dru bedeelegt huet oder sech elo nach net bedeelegt, gëtt herno de Beitrag selbstverständlech e bësse méi héich a kann an déi Richtung goe vun deem, ouni dass ech mech mat leschter Präzisioun ka festleeën, wat elo gesot ginn ass.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4559 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de virleiende Gesetzprojet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady

Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Marco Schroell), Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké (par M. Jean Asselborn), Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Als nächste Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4808 vum Här Marc Zanussi iwwert d'Wiele per Internet.

Et si schonn ageschriwwen déi Häre Graas, Greisen, d'Mme Wagener an déi Häre Bisdorff, Weiler a Rippinger.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Marc Zanussi.

5. Proposition de loi 4808 sur le vote par Internet

Présentation

M. Marc Zanussi (LSAP), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen an enger Zäit, wou déi nei Kommunikatiounstechnologë keng Seltenheet méi sinn, mä wou se zum Alldag gehéieren a mir sinn och domat konfrontéiert, dass se an engem permanente Wandel sinn, a mir stelle fest, wann een d'Entwécklung suivéiert, dass se och praktesch vun Dag zu Dag méi performant ginn.